PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
19 DEC. 2019
1627

Lëtzebuerg, den 19/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Wéi verschiddene Medien beriichten, existéiert an der chinesescher Stad Sichuan aktuell een Tram, deen ouni Schinne fuere kann. Dës schinnelous Stroossebunn fiert op Pneuen an dëst mat bis zu 70 km/h. Den Haaptvirdeel vun dëser Stroossebunn ass evident: fir ze fueren, mussen nämlech keng Schinnen agesat ginn, wat mat immensen Erspuernesser an den ëffentleche Bauten anhiergeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister a Kenntnis vun dëser Stroossebunn zu Sichuan? Besteet een Intressi säitens dem Minister, fir dësen Typ Stroossebunn och hei zu Lëtzebuerg anzesetzen?

2. Wéi vill kascht d'Verleeë vu neie Schinnen um geplangte Reseau vum lëtzebuergeschen Tram? Ass de Minister der Meenung, dass d'Verleeë vu Schinne fir nei Strecken zu Lëtzebuerg sënnvoll ass?

3. Ass de Minister der Meenung, dass d'Stroossebunn vum Typ "Sichuan" fir verschidden nach net gebauten Tronçonen hei am Land, wéi zum Beispill Lëtzebuerg-Esch, eng sënnvoll Alternative duerstellt? Falls nee, firwat net?

4. Ass de Minister der Meenung, dass dës Stroossebunn vum Typ "Sichuan" Virdeeler par Rapport zum lëtzebuergeschem Tramsmodell huet? Falls jo, wéi eng a wat schwätzt an deem Fall fir d'Bäibehale vum lëtzebuergesche Modell mat Schinnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député